ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

De 4. Juni huet d'Madamm Banneminister d'Zuelen zu der Entwécklung vun de Gemengefinanzen, wärend dem COVID-Joer 2020 presentéiert. D'Gemengen hu fir dat lescht Joer ronn 210 Milliounen Euro manner ageholl, wéi am Oktober 2019 geschätzt. Wärend den Defizit vun de Gemengen an de Joren 2018 an 2019 staark réckleefeg war, ass en dann 2020 och nees zolitte an d'Luucht gaangen. 145 Milliounen Euro am Joer 2017, 94 Milliounen Euro am Joer an 52 Milliounen Euro am Joer 2019. 2020 huet dëse Chiffer sech dunn nees op 128 Milliounen Euro belaf, sou d'Zuele vun der Madamm Banneminister. Dës nei Scholde bedeite fir déi eenzel Gemengen an den nächste Joren natierlech och eng zousätzlech Zënslaascht.

Duerfir géif ech der Madamm Banneminister gär des Froe stellen:

1) Wéi huet sech de Gesamtscholdestand vun de Gemenge säit dem Joer 2002 entwéckelt? Kann d'Regierung dës Zuelen och opgeschlësselt no deenen eenzele Gemenge presentéieren?
2) Wéi ee Montant hunn d'Gemengen an de Joren 2002 bis 2020 jeeweils insgesamt fir Zënsen ausginn? Kann d'Regierung dës Zuelen och opgeschlësselt pro Joer a Gemeng presentéieren?
3) Wéi héich war de Prozentsätz vun Zënsausgaben um jeeweilege Gesamtbudget vun de Gemengen an de Joren 2002 bis 2020? Kann d'Regierung dës Zuelen och opgeschlësselt pro Joer a Gemeng presentéieren?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**